ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16. Abrëll 2015

Här President,

Den 13. Abrëll hat ech eng parlamentaresch Fro un Iech geschéckt an Iech gebieden si un d'Madame Minister fir Kultur, un d'Madame Familljeminister an un den Här Banneminister weiderzeleeden. D'Chamber hat där Fro d'Nummer 1051 ginn.

An där Fro goung et ëm d'Präsenz an d'Roll vun der Union Grand-Duc Adolphe (UGDA) an der Plattform MINTE, déi fir d'Auslännerwahlrecht antrëtt. Ech zitéieren:

"Zu den Organisatiounen, déi an der Plattform regroupéiert sinn, figuréiert awer och d'UGDA (Union Grand-Duc Adolphe), eng kulturell Daachorganisatioun vun alle Museksveräiner. Do muss een eigentlech dovunner ausgoen, datt si sech generell politesch neutral soll verhalen, dëst och an de Froen zum Referendum."

An der Tëschenzäit huet d'UGDA awer bekannt ginn, datt si sech aus der Diskussioun ëm d'Auslännerwahlrecht wëll eraushalen. RTL no, hätt d'Plattform MINTE de Logo vun der UGDA ouni där hiert Wësse benotzt. De Logo vun der UGDA ass an der Tëschenzäit och vun der Spaweckssäit www.minte.lu verschwonnen.

Domat ass déi Fro Nr. 1051 elo ouni Objet an ech zéien si zréck. Op déi méi generell Problematik vun der Implicatioun vu verschiddenen Organisatiounen an der Referendumscampagne kommen ech zu engem aneren Ament nach zréck.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten